# Wéi aus Code ee Muster gëtt

Ee Projet fir den C3 & C4

vum I-CN zesumme mam Naturpark Öewersauer

Wéi hunn d'Leit fréier Stoft hiergestallt?

Wéi funktionéiert e Wiewstull eigentlech?

Wéi entsteet e Muster beim Wiewen?



Wat hunn Wiewen a Coding mateneen ze dinn?

Wéi kann een e Muster „programméieren"?

Wat ass eng Lachkaart a wéi funktionéiert se?

Wéi gëtt aus Woll e fäerdege Stoft?

Firwat ass e Wiewstull eng „digital" Maschinn?

Wéi kënne mir selwer esou Mustere maachen?

# Wéi aus Code ee Muster gëtt



Ee Projet fir den C3 & C4

vum I-CN zesumme mam Naturpark Öewersauer

<u>Eng Entdeckungsrees:</u>

D'Schüler entdecken d'Verbindung tëscht Wiewen a Coding, andeems si selwer Mustere mat Pabeier oder Wiewrummen hierstellen. Beim Ausfluch an d'Duchfabrik zu Esch-Sauer gesinn si al Maschinnen a wéi Lachkaarten als „Code" benotzt ginn, fir Stëfter mat verschiddene Muster ze programméieren.











HEI BUCHEN
edulink.lu/comu

I-CN Yves, DR15
yves.schintgen@ifen.lu
www.naturpark-sure.lu/offer/museum-tuchfabrik/

# Wéi aus Code ee Muster gëtt



NATURPARK ÖEWERSAUER

## Beschreiwung

An dësem Projet entdecken d'Schüler op eng spilleresch Aart a Weis d'Verbindung tëscht traditionellem Handwierk an digitalem Denken. Lass geet et an der Klass, wou d'Schüler selwer een einfacht Muster hierstellen, entweder mat einfache Wiewrummen oder mat faarwege Pabeierstrãifen. Dauer: +-2h.
Dobäi léieren si, datt all Muster op sech widderhuelend Reegelen opgebaut ass – esou wéi beim Coding. D'Schüler verstinn, datt Wiewen eigentlech eng Zort „Programméieren" ass, wou Fiedem no engem bestëmmte Schema ugeluecht ginn.

Als nächst Etapp mécht d'Klass een Dagesausfluch an d'Duchfabrik zu Esch-Sauer.
Do kréien si sämtlech Schrëtt gewisen, vun der Woll bis zum Fuedem a schliisslech dem fäerdege Stoft.
Si gesinn al Wiewmaschinnen an erliewen, wéi mat Hëllef vu Lachkaarten Mustere „programméiert" ginn. D'Schüler dierfen och selwer eng einfach Lachkaart erstellen a gesinn, wéi hire „Code" an e Stoftmuster ëmgesat gëtt.



**Dëse Projet verbënnt kreatiivt Schaffe mat logeschem Denken a weist, wéi al Techniken eng Bréck zur moderner Informatik schloen.**



# Wéi aus Code ee Muster gëtt



NATURPARK ÖEWERSAUER

## Méiglech Weiderféierungen

- Textilkoffer (Duchfabrik)
- Natierlech a syntheetesch Stëfter
- Hierstellungslänner op enger Weltkaart fannen
- Date sammelen (cf Dali4US: www.dali4us.eu) an auswäerten
- Präis vun engem T-Shirt, Zesummesetzung
- Esch-Sauer entdecken (Buerg, Geschicht)
- Staumauer (Drénkwaasser, Sebes, Geschicht)
- Lëlz entdecken (Waassersportaktivitéiten, Solarboot)
- Filzen a Fierwen, een uralt Handwierk
- Geocaching rondrëm de Stauséi





